

Lëtzebuerg, den 4. Mäerz 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspresident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun weiderzeleeden:

„ Säit der Reform vum Elterecongé am Joer 2016 kënnen d'Elteren tëschent 3 verschiddene Congésformulen wielen: 4 oder 6 Méint Vollzäit, 8 oder 12 Méint Hallefzäit, oder eng Deelzäit-Formule ob 20 Méint. D'Zil dovunner war et de jonken Elteren eng besser Balance tëscht hirem Aarbechts- a Familljeliewen z'erméiglechen.

An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Famill an Integratioun folgend Froe stellen:

- *Wéi vill Persounen hu säit der Reform vum Elterecongé profitéiert – opgespléckt no Joer, Geschlecht an Congéstyp?*
- *Wéi héich sinn d'Depensen, déi d'Zukunftskeess – iwwer déi leschten 5 Joer gekuckt – fir déi verschidde Congésformulen ausbezuelt huet?*
- *Wéi ee Congéstyp ass bei den allengerzéiende Mammen a Pappen am beléifsten a wat sinn d'Ursaachen dofir? Wéi ass hei den Trend iwwer déi leschte 5 Joer gesinn?*
- *Wéi ee Congéstyp gëtt am heefegsten vun Elteren gewielt déi manner wéi 40 Stonnen d'Woch schaffen?*
- *Wéi vill Congéë goufen pro Joer un Elteren ausbezuelt, déi an enger Beruffsausbildung ageschriwwen waren?*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07


dp@dp.lu
www.dp.lu

- *Wéi vill Independanten hu pro Joer vum Elterecongé profitéiert?*
- *Ënnerscheeden sech d'Präferenzen fir déi verschidde Congésformulen tëscht de Residenten an de Net-Residenten? Wa jo, wat sinn d'Grënn dofir? “*

Mat déiwem Respekt,



Max HAHN
Deputéierten



Carole HARTMANN
Deputéiert